



Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum...

► **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President, wann Der just erlaabt, ech hat vergiess, dem Rapporteur Merci ze soen. Ech wollt dat awer nach nohuelen.

(Hilarité et brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Esou, elo sinn ech sprachlos!

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 7116, enger europäescher Konvention am Beräich vum audiovisuellen Denkmalschutz. D'Riedezäit ass, wéi bis elo gewinnt, nom Basismodell. An de Rapporteur, den Här André Bauler, huet elo d'Wuert.

4.7116 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne relative à la protection du patrimoine audiovisuel faite à Strasbourg, le 8 novembre 2001

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass een d'Bedeitung vun den audiovisuelle Medie fir eis Kultur an eis Gesellschaft wuel kaum ënnerschätze kann, ass sécherlech keng nei Feststellung. Bild an Toun, Foto a Film, Radio an och déi dacks genannten nei Kommunikatiounstechnologien si kaum méi aus deenen allermeeschte Leit hirem Liewen ewechzedeken. An et ass evident, dass hir Verbreedung och an Zukunft net wäert zrëckgoen, ganz am Géigendeel.

Domadder stelle si wichteg Dokumenter iwwert d'Liewen an eiser an a fréiere Gesellschaften duer, déi derwäert sinn, gesammelt a konservéiert ze gi fir d'Zukunft. Den Intérêt geet hei vu wëssenschaftlechen, soziologeschen an historeschen Aspekter bis hin zu pädagogeschen an educativen Elementer, ouni awer de kulturellen an artistesche Wäert vun dësem Material ze verkennen.

Als Beispiller kann een déi Dausenden Emissionen a Reportage vun RTL nennen, déi grouss Sammlunge vu private Filmer an déi, déi de Stat an Opdrag ginn huet, an natierlech all déi Court-métragen, Documentairen a Kinosfilmer, där hir Quantitéit jo zanter der Schafung vum Fonds de soutien à la création audiovisuelle (veuillez lire: Fonds national de soutien à la production audiovisuelle) enorm zougeholl huet.

Et sief dann och erlaabt, an dësem Kontext de rezenten Erfolg vun engem lëtzebuergeschen Animationsfilm bei den Oscaren ze ernimmen.

Här President, wéi gesot, ass d'Erkenntnis ëm d'Bedeitung vun dësem Patrimoine keng nei. An aus deem Grond gouf och schonn 1989 de Centre national de l'audiovisuel, de CNA, duerch d'Gesetz vum 18. Mee an d'Liewe geruff. De CNA dréit der Relevanz vun eise audiovisuelle Patrimoine Rechnung an huet genau wéi d'Konvention vu Stroossbuerg vum 8. November 2001 iwwert de Patrimoine au-

diovisuel, déi mat dësem Gesetzesprojet ratifizéiert soll ginn, d'Zil, dës Wäerter an Dokumenter ze schützen.

D'Mission vum CNA besteet deementspreechend aus ënnerschiddleche Voleten, vun deenen een, an dësem Kontext, primär d'Sammelen, d'Konservéieren, d'Diffusioun no bausen an d'Kooperatioun mat ännelechen Instituter oder Institutionen aus dem europäeschen an internationalen Ausland ervirhiewe kann.

Erlaabt mer, kuerz dat eent oder anert Wuert méi hei dozou ze verléieren!

Nieft dem Sammele vun Dokumenter ronderëm eis national Memoire audiovisuelle stellt besonnesch och d'Konservéieren eng wichteg Aufgab a speziell Eerausforderungen duer. Iwwregens kann all Matbierger, dee Material fir de CNA huet, dëst erareechen.

All Medium brauch seng eege spezifesch Konditiounen, fir dass et erhale bleift. Virun allem am Beräich vum Digitale gëtt dat séier eng ganz komplex Affär, well net nëmmen hunn déi jeeeweileg Supporten, wéi de CD - de Compact Disc - oder den Hard Disc, eng vill méi kuerz Liewensdauer wéi zum Beispill Pellicullen, Placken oder Fotoen. Och verlaangt déi technologesch Diversitéit vu Formater eng passend Behandlung.

Dat wëllt awer net heeschen, d'Konservatioun vum analoge Material wier manner komplex. Och hei gëtt et eng Hällewull vu Formater a Behandlungsmethoden.

Dir gesitt, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass keng esou eng einfach Saach. An duerfir huet de Stat an dësem Kontext eng verantwortlech Roll ze spillen. Lëtzebuerg huet dat, wéi gesot, fréi erkannt an den néidege Kader geschaaft. Zesumme mam CNA ass och de Règlement grand-ducal vum 6. November 2009 mat Bezuch op den Dépôt légal e wichtegt Element an der Erfëllung vum Stat senger kultureller Responsabilitéit an dësem Kontext.

Op dës Aart a Weis gouf scho villen Dispositione vun der Konvention zum Schutz vum audiovisuelle Patrimoine op nationalem Niveau virgegraff. Allerdéngs ass et am Kader vun der Ratifizéierung vun der Konvention och duerchaus ubruecht, verschidden Artikele vum Règlement grand-ducal ze modifizéieren, fir dass se besser un déi séier Entwécklung vum audiovisuelle Sektor ugepasst sinn.

Méi genee gesäit d'Konvention vir, éischstens e legale Kader fir de Schutz vum audiovisuelle Patrimoine ze schafen, dat heescht den Dépôt légal, zweetens den Dépôt volontaire ze fërderen, drëtens eng Institution ze designéieren, déi zoustänneg ass fir den Archiver an d'Restauration vum audiovisuelle Material, a véiertens där Institution och déi néideg Fongen zur Verfügung ze stellen, fir dass se hir Aufgab och erfëlle kann. Do derbäi kënnt, fënneftens, d'Verpflichtung, dëst Material der Recherche an der wëssenschaftlecher Analys, mä och der Effentlechkeet allgemeng zougänglech ze maachen.

D'Konvention stellt an deem Sënn en internationalen Effort duer, fir eng systematesch Approche vun der Archivéierung unzepellen, eisen audiovisuelle Patrimoine ze valoriséieren an awer och déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht an deem Beräich virunzebréngen.

D'Ratifizéierung vun der Konvention, déi Lëtzebuerg 2012 ënnerschriwwen huet, kann dowéinst zu enger Prise de conscience op nationalem Plang vun eise audiovisuelle Patrimoine bäidroen an hëllefen, de Leit d'Bedeitung vun der Protektioun heivunner nach méi bewosst ze maachen. Och signaliséiert dëse Gesetzesprojet no bausen d'Bereetschaft an de Wëllen, nach méi konkret a méi effikass mat de Cosignataires vun dëser Konvention zesummenzeschaffen.

A sengem Avis vum 13. Juni dëses Joers, 2017, ass de Statsrot der Meenung, dass net allegueren d'Artikelen honnert Prozent adequat an déi national Legislatioun ëmgesat goufen, an huet och Bedenken, ob de CNA finanziell gutt genuch gestiwelt ass, fir seng Mission, esou wéi se vun der Konvention virgesinn ass, ze erfëllen. Dës Bedenke sinn awer net bis zu enger Opposition formelle geräift, soudass de Projet de loi vun där Säit gréng Luucht kritt huet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe jiddwerengem Merci, deen an der Kommissioun heibäi matgeschafft huet. Ech soen lech awer och heibanne Merci fir d'Nolauschteren a ginn domadder och hei den Accord vun der demokratescher Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Elo huet d'Wuert d'Madamm Martine Mergen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass Der mer meng schlecht Elocutioun haut net nodrot; et ass nëmme fir e puer Deeg.

Sou wéi de Rapporteur a sengen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapporten et scho sot, approuvéiere mer mat dësem Gesetz d'Konvention iwwert de Schutz vun de beweegte Biller. En huet ons och scho genee erkläert, wat alles dorënner ze verstoen ass.

Dës Konvention ass e wichtege Supplement zu deenen aneren, déi mer an deene leschte Jore schonn ënnerschriwwen hunn, well hei hate mer nach eng Lacune, eng gesetzlech Lacune, obwuel mer d'Chance hunn, dass de CNA scho besteet an dass mer schonn e Règlement grand-ducal säit 2009 iwwert den Dépôt légal vun - ech bleiwe emol einfach bei den „beweegte Biller“, well dat mer esou gutt gefällt -, vun de beweegte Biller hunn. Déi Modalitéit sinn also u sech scho fixéiert.

Den Audiovisuel mat senger ganzer Envergure, dat ass ganz kloer haut dee Medium, deen d'Geschicht, d'Kultur am schnellsten an am exaktesten kann erëmginn. Keng aner Medie kënne besser d'Gesellschaft an hirer aktueller Form portraitéieren, an en ennerläit och selwer enger impressiounanter Evolution, wat seng Méiglechkeeten an och seng Techniken ubelaangt. Ech mengen, vun enger ganzer Rei vu Geschehnissen op der Welt hätte mer haut iwwerhaapt keng Biller, wa mer net iwwer Amateursbiller vun onse Computeren aus der Täsch géife verfüegen. Alles dat gehéiert zu de beweegte Biller.

D'Geschichtsschreiwung passéiert haut virun allem am Audiovisuel. Mir hu jo also d'Chance, dass mer scho mam CNA iwwer eng performant a largement adaptéiert Struktur verfüegen, fir déi Aufgaben, déi den Här Bauler opgezielt huet, wouzerzehuelen.

Mir begrëssen duerfir, dass am Artikel 7 festgehalen ass, dass dës Struktur, déi dës national Pflicht eben iwwerhëlt oder schonn iwwerholl huet oder nach weider iwwerhëlt, och déi néideg Moyenen zur Verfügung huet, fir hiren Aufgabe kënnen nozekommen. An den Här Bauler huet de Statsrot schonn an dësen nämlechte Bedenken zitéiert.

Mir fuerderen, dass dës Moyenen an Zukunft nach vläicht e bësse verbessert ginn, well de CNA ëmmer muss um leschte Stand vun der Technik sinn, wat d'Numeriséierung vun de Medien, vun dem Material ubelaangt an och d'Konservéierung vun dem Material ubelaangt.

Dee leschte Besuch vun onser Kulturkommission am CNA läit schonn eng Rei Joren zrëck. Mä déizäit war nach ganz vill Retard beim Op-schaffe vu Material, wat notament och vun Amateurfilmer hinnen zur Verfügung gestallt ginn ass. Mir kruten awer an der Kommissioun gesot, dass dës Retard amgaange wier, opgeschafft ze ginn.

Et ass fir ons och ganz wichteg, net nëmmen, dass dat dann elo alles doläit zu Diddeleng, mä dass een och net nëmme fir Recherche oder Produktioun vu Filmer oder vun aneren Œuvren, mä dass een och als Particulier oder aus educativen Ursache kann Zougrëff op d'Material hunn. An duerfir ass et wichteg, dass een och eng Method huet, fir ze archivéieren, fir dass een dat erëmfënnt, wat een eigentlech sicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn dat eeleft Land, dat dës Konvention ënnerschreift. Si ass schonn a Kraaft. Mir hoffen, dass vill Länner norëckelen, well et geet hei och ëm de gemeinsamen europäesche Patrimoine audiovisuel vun alle Länner, déi am Conseil de l'Europe sinn. Sou soll dëst Material net nëmmen iwwerall geschützt ginn, ma och finalement zentral erfaasst.

Deem wëllt d'CSV-Fraktioun net am Wee stoen. Ech ginn hei deemno den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Ech hat den Här Cruchten hei stoen. Ah, Madamm Bofferding! Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP).- Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Bauler, Merci soe fir seng ausféierlech Rapporten. En huet d'Wichtegkeet vun dëser Konvention erkläert.

Ech géif d'Wichtegkeet dann erkläre mat enger Aussö vun der Responsabel vum Filmdepartement vun der CNA, déi bedauert huet, dass d'Historiker sech wéineg fir déi visuëlle Archiven interesséiere fir hir Recherchen. Mä elo mat dem politesche Wëllen an och mat deem Engagement, dee mer eis elo ginn eben duerch d'Transpositioun vun dëser Konvention, wou enner anerem am Artikel 7 virgesinn ass, dass eben déi Institutionen, déi sech ëm de visuellen Archiver këmmen, elo déi néideg

Moyenen hunn, genuch Personal an dann och genuch Budget, mengen ech, wäert dat an Zukunft kënne changéieren, wa mer heimadder dann elo dës Konvention wäerten ëmsetzen.

Ech ginn domadder dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Här President, ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President, an och e grouse Merci un de Rapporteur. Mir wollt just eng prinzipiell Bemierkung maachen. Selbstverständlech ennerstëtze mir och dat Gesetz. Mä et fällt awer hei, dass déi Konvention, déi mer haut sollen hei approuvéieren, aus dem Joer 2001 ass, an elo, 2017, kritt d'Parlament se virgeluecht.

Mir wollten dofir profitéieren, fir eng Positioun ze widderhuelen an ze ennersträichen, déi d'ADR konsequent vertritt, déi konform ass zu eiser Constitutioun, déi seet: „All internationalen Accord muss dësem Parlament zur Ratifizéierung virgeluecht ginn.“ Et geet net duer, am Joer 2004 oder 2009 a verschiddene Gesetzer oder Reglementer Dispositionen anzeschreiwen; d'Konvention hätt missen dem Parlament virgeluecht ginn.

Mir wëlle just dat nach eng Kéier hei ennersträichen, dass mer eis erwaarden, dass all internationalen Accord - an d'Verfassungsgericht huet dat jo interpretéiert an ausgeluecht - enner egal wéi enger Form hei muss diskutéiert a ratifizéiert oder approuvéiert ginn.

Mir haten de Fall och d'leschte Kéier nach am Beräich vun der Defense, wou mer och déi Diskussioun nach eng Kéier gefouert haten, wéi mer et solle maachen, wa confidentiel Aspekter oder geheim Aspekter an esou engem Traité stinn. Och do hu mer eis Regele ginn, awer ëmmer fir d'Verfassung ze respektéieren.

Dat gesot, Här President, ginn ech och ganz gär den Accord vun der ADR.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann ass de leschte Riedner den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Mir ennerstëtzen natierlech och dës Konvention zum Schutz vum Patrimoine audiovisuel.

Et wäert sech fir Lëtzebuerg direkt net vill änneren, well mer schonn e reglementaresche Kader hunn, deen awer relativ wäit entwéckelt ass an dee just punktuell muss adaptéiert ginn. Mä déi Fro, déi derhannertstécht an dee symboleschen Akt, dee mer heimadder maachen, besteet doranner, dass mer engersäits eise Wëllen zum Ausdrock bréngen, wierklech och international zesummenzeschaffen an deem dote Beräich, well déi Fro vun der Konservéierung vum audiovisuelle Patrimoine ass eng, déi eis och an deenen nächste Jorzéngten nach staark beschäftege wäert, notament doduerjer, dass d'Supporten, op deenen dat gespäichert ass, vergänglech sinn an dass d'Numeriséierung awer och ëmmer eng Perte vun Donnée mat sech bréngt, soudatt d'Konservéierung eppes immens Wichteges och fir déi zukünftige Generationen ass.

An nodeem och d'Madamm Bofferding an d'Madamm Mergen eng Lanz gebrach hunn, dass de CNA och an Zukunft déi Méiglechkeeten an déi Moyene soll hunn, fir dat och kënnen op deem Niveau ze maachen, wéilt ech mech deem och uschlëssen an den Accord vun der Lénker ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat huet d'Regierung d'Wuert: den Här Statssekretär am Kulturministère.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d'État à la Culture*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif fir d'Éischt wëllen dem Rapporteur och mä grouse Merci ausdrécken an och der Kulturkommissioun, déi ganz expeditiv a gutt hei geschafft huet.

Et ass schonn ugeklongen: Mir sinn amgaangen, e grouse Retard vu Ratifikatiounen, notament wat den Denkmalschutz betrëfft, opzeschaffen. An ech sinn och frou, dass dat de Fall ass. Ech denken, erënnere kuerz un d'Convention de Grenade, déi mer d'lescht Joer ugeholl hunn, an och d'Convention de La Valette.

Wéi gesot, déi heite Konvention reit sech an déi ganz Lëscht vu Konventionen an, déi



Convention européenne relative à la protection du patrimoine audiovisuel.

Mir steiere ganz schnell op d'Joer 2018 zou, wat d'Année européenne du patrimoine culturel ass. An ech mengen, d'Approbatioun vun dëser Konventioun, d'Ratifikatioun vun dëser Konventioun ass e richteg Schrëtt an déi richteg Richtung, fir méi konsequent de Schutz vum Kulturerwen ze organiséieren.

D'Zil, wéi gesot, vun dëser Konventioun ass kloer: Den europäesche Patrimoine audiovisuel zesummen - zesummen, dat ass näämlech e wichtige Punkt! -, zesumme sammelen, konservéieren, archivéieren an en valeur setzen. An en valeur setzen heescht och, dem Public et zougänglech ze maachen. A selbstverständlech schafft de CNA och schonn an déi Richtung, fir dem Public déi Archive kënnen esou schnell wéi méiglech och zougänglech ze maachen.

Et ass och schonn ugeklongen: Zéng Länner hunn, wéi gesot, déi Konventioun hei scho ratifizéiert. Mir sinn also dat eeleft. An ech kann och dem Wonsch, dee schonn ausgedréckt ginn ass, fir dass méi Länner déi Konventioun ratifizéieren, deem kann ech nëmmen, nëmmen zoustëmmen.

D'Wichtigkeet, dorobber brauch een net anzegoen, vun dëser Konventioun, well mir wëssen allegueren: Lëtzebuerg produzéiert a koproduzéiert enorm vill, sief et fir de Kino, sief et fir d'Télee an doriwwer eraus. Eis aktiv Bedeelegung un der europäescher an internationaler Produktioun mécht eben déi Zesummenaarbecht mat anere Länner an d'Preservatioun vum Patrimoine audiovisuel onëmgänglech.

Ee vun den Haaptpunkte vun der Konventioun läit um Dépôt légal. An dës Missioun ënnerläit dem CNA, dee sech als staatlecht Kulturinstitut zënter 1989 ëm d'Konservatioun vum Patrimoine audiovisuel këmmert. Den Dépôt légal selwer ass vum Gesetz vun 2004 reglementéiert a gëtt zënter 2009 iwwer e Règlement grand-ducal geregelt.

Mir wollten am Ministère do vun der Opportunitéit profitéieren, fir dee Règlement grand-ducal iwwert den Dépôt légal nach e wéineg nozebesseren a komplett der Konventioun unzepassen. Et ass näämlech schonn de Fall, dass déi Konventioun an der Praxis scho quasi ëmgesat ass an deem Règlement grand-ducal, soudass mer wierklech nëmmen och do e kleng Feintuning gemaach hunn. Mä notament ass eng Vereinfachung do, an zwar, dass den Dépôt légal net méi muss bannent sechs Méint, mä bannent zwielef Méint gemaach ginn.

Doriwwer eraus gesäit iwwregens och d'Konventioun nach den Dépôt volontaire vir, deem et och scho bei eis, wéi gesot, gëtt.

Mir sinn also haut an der Ausgangspositioun, dass mer kënnen eng Konventioun ëmsetzen, déi quasi an eise legislativen Dokumenter schonn dran ass.

An, wéi gesot, duerch déi Zesummenaarbecht mat anere Länner erlaabt d'Konventioun e besert Erhale vum Lëtzebuergeschen Deel am europäesche Patrimoine audiovisuel.

De Patrimoine audiovisuel ze fleegen, heescht awer och, d'Geschicht vum Land ze preservéieren an heiansdo souguer Geschicht ze schreiwen. Et ass also wichteg, dass dobaussen d'Bewosstsäin sech entwëckelt, wéi wichteg et ass, och an Zukunft op déi audiovisuell Produktiounen vun haut a vu fréier kënnen zréckze-gräifen.

Zwou Observatiounen nach zum Avis vum Statsrot. D'Obligation vum Dépôt légal - champ d'application, wat d'Ëmsetzen, wéi gesot, vum Artikel 5 vun der Konventioun ugeet, sou ass dëst duerch den Artikel 11.1 an 3 vum modifizéierte Règlement virgesinn. Den Artikel 11.1 gesäit all Fall vir, wou Lëtzebuerg am Recht ass, en Dépôt vun engem audiovisuellen Dokument ze verlaangen, och am Fall vun enger Koproduktioun. An do geet et u sech duer, dass e Lien zu Lëtzebuerg besteet, fir dass dann d'Obligation vun dem Dépôt légal besteet.

Natierlech kënnen mer net higoen a bei engem Film, deem am Ausland produzéiert oder souguer koproduzéiert gëtt, eng Obligation légale vum Dépôt ze maachen, well mer einfach do déi juristesche Handhab net hunn.

Dann d'Mission de restauration vum CNA, dat ass och schonn ugeklonge vun de Virriedner. D'Restauration vun audiovisuellen Dokumenter gëtt hei zu Lëtzebuerg beim CNA, wéi gesot, scho jorelaang gemaach. Si ass zwar net telquel am Gesetz iwwert d'Kulturinstituter vun 2004 festgehalten, mä et kann een awer par référence op den Artikel 3 zréckgräifen, dee sech fir all Kulturinstituter applizéiert. An do ass festgehalten: «la conservation et l'épanouissement du patrimoine culturel».

An dann den Artikel 18, och vun deem Text, do gëtt vun „sauvegarde“ a vun „traitement“ ge-

schwat. Also indirekt war et scho virgesinn, mä ech mengen, elo gesi mer et ganz konkret am Text vir.

Wéi gesot, d'Restauration vun den audiovisuellen Dokumenter gëtt am CNA vun enger Persoun assuréiert, déi de Lien mat Laboratoire mécht, deenen hir Aarbecht den techneschen Normen entsprécht. An d'Technik ass ugeschwat ginn och schonn de Mëtteg. Dat ass wierklech e wichtige Punkt, dass an der Zukunft och d'Kompatibilitéit ënnert deene verschiddene Medien, wou d'Sauvegarde gemaach gëtt, dass déi bestee bleift an dass wierklech och mer ëmmer kënnen op déi Dokumenter zréckgräifen.

Wéi gesot, de CNA huet och selwer d'Méiglechkeet ze restauréieren. Et gëtt och scho gemaach. An deem Sënn géif ech mech freeën, wann d'Zoustëmmung fir dësen Text géif fonnt ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

Mir sinn da prett, fir iwwert de Projet de loi 7116 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7116 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwuer: 60-mol Jo. De Projet de loi 7116 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Martine Mergen), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Als nächsten a leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här Fernand Kartheiser programméiert iwwert d'Meenungsfreiheet, aktuell Entwëcklungen a Geforen zu Lëtzebuerg an am internationale Kontext. D'Riedezäit ass nom Modell 1 geregelt. D'Wuert huet elo direkt den Interpellant.

5. Interpellation de de M. Fernand Kartheiser au sujet de la liberté d'expression

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *interpellateur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent villen anere Jubiläen ass dëst Joer och dee vum 80. Gebuertsdag vum Maulkuerfgesetz. De 6. Juni 1937 haten d'Leit sech an engem Referendum fir d'Fräiheet ausgeschwat a géint de Verbuet vun der Kommunistescher Partei. An dat wor e staarke Geste fir eis Demokratie, an dat a komplizéierten a geféierlechen Zäiten.

D'Meenungsfreiheet ass en zentraalt Grundrecht an enger fräier an demokratescher Gesellschaft, dat mir mussen eieren. Och an der Gesellschaft vun eise Land fanne mir vill Beispiller vu Leit, déi hu missen hiert Liewe loossen, well et keng Meenungsfreiheet gouf.

Haut ass déi Diskussioun ëm eis Fräiheitsrechter nees aktuell, well eis konstitutionell garantiéiert Meenungsfreiheet, méi genee eis „Liberté de manifester ses opinions“, wéi et am Artikel 24 vun eiser Verfassung steet an déi eng

„Liberté d'expression“ matëmfasst, ass op villerlee Manéieren a Gefor.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *interpellateur.* - Vill Leit wëssen dat oder si spieren et. Wéi dacks héiert een haut an de Gesprécher: „Dat däerf ech jo eigentlech net soen, mä...“ oder d'Leit entschëllege sech schonn am Virus fir eppes, wat se wëlle soen oder schreiwen, einfach dat, wat se denken. Dacks liest een an de Medie vu Veruerteelunge vu Leit viru Geriicht, well se dëst oder dat gesot oder geschriwwen hunn.

Un eis als Legislativ ass et och ze iwwerleeën: Ass dat richtig esou an enger fräier Gesellschaft? Wat däerf ee soen a wat soll een net däerfe soen? Wéi wäit geet eis Fräiheet?

Zu engem groussen Deel sinn déi Onsécherheete vun haut aus enger Tendenz entstanden, déi viru e puer Joer ugefaangen huet, iwwer politeschen a medialen Drock eise Sproochgebrauch ze regelen. Déi sougenannt „politesch Korrektheet“ ass aus dem Wonsch entstanden, Sensibilitäten ze schounen a Leit ze respektéieren - u sech en interessanten a luewenswäerten Usaz.

Haut ass si awer zu eppes anerem mutéiert. Hir sproochlech Obsessiounen a gedanklech Iwwerdreiwungen hu si zu engem Instrument gi gelooss, dat déi fräi Ried mat Zwang wëllt aschränken an no hire Regele steieren. En englescht Spréchwuert seet - ech iwwersetzen dat: „De Wee an d'Häll geet iwwert d'Pavésteng vum gudde Wëllen.“ Dat géllt och fir déi politesch Korrektheet!

Wann de Stat si adoptéiert, an dat ass de Fall, dann ass si zu engem Instrument vun enger De-facto-Zensur ginn, déi eis Verfassung jo awer explizit verbitt. Fir eis als ADR géllt de Verbuet vun der Zensur als een an d'Zukunft geriichte Verfassungsoptag. «La censure ne pourra jamais être établie», seet den Artikel 24. Deen Optag muss also an engem positive Sënn respektéiert, verdeedegt an ausgebaut ginn.

Mir liewen an engem Spannungsfeld tëschent deem gutt gemeinte Wonsch, Sensibilitäten ze schounen, an dem verfassungsrechtlichen Optag, fir d'Meenungsfreiheet ze verdeedegen. Vill Leit spieren, datt mat der Aschränkung vun der Meenungsfreiheet net nëmmen de Buschtaf, mä och de Géesch vum der Verfassung verletzt gëtt. An dat ënnergrueft d'Vertrauen an déi demokratesch Natur vun eise Stat.

Mir fannen haut ganz vill Beispiller vun der Aschränkung vun der Meenungsfreiheet: an der Politik, an der Verwaltung, an der Ekonomie, an der Schoul an am akademesche Beräich, an der Kultur an an de Medien, an all Beräich vun eise Liewen. Ech hu viru e puer Deeg eng Léscht mat Beispiller op mengem Blog an op Facebook publizéiert, déi mir och gär kënnen hei oder soss enzwousch diskutéieren.

Dee progressive Verloscht vun der Meenungsfreiheet huet och eng sozial Dimensioun. Si ass e Recht, dat virun allem och d'Fräiheet vun deene Schwaachen an der Gesellschaft schützt. Si soll et hinnen erlaben, fir ongestrooft Meenungen ze soen, déi net déi vun der Regierung sinn, net déi vun den Eliten, an domat d'Muecht vun aneren a Fro ze stellen a si ze kontrolléieren.

A wäit dovun ewech ze offenséieren, dréit d'Meenungsfreiheet zu enger demokratescher Kultur bäi, an där mir eis Differenze kënnen friddlech ausdiskutéieren. D'Fräiheet vun der Ried ass net ëmmer liicht ze erdroen a grad dowéinst déi beschte Schoul fir Toleranz, well de Grundprinzip, de Liewenselixir vun der Demokratie ass d'Fräiheet. An dat ass ebe just déi Fräiheet, fir kënnen Saachen ze soen a musse Saachen ze héieren an ze erdroen, also ze toleréieren, déi een net gär héiert an déi een nëmme schwéier verdréit, wann iwwerhaapt.

Et ass eng Fräiheet, déi sécher hir Grenzen an der Fräiheet vun deem anere fënnt, awer net am Gefill vun deem aneren. Déi demokratesch Toleranz ass d'Fakultéit vum Erdroe vun där anerer Meenung, och vun der schlimmer Meenung, an net d'Verhënnere vun enger subjektiver Gefillsbelaaschtung bei anere Leit.

Fir datt et hei kee Mëssverständnis gëtt: Och d'ADR an ech selwer stënn decidéiert fir Héiflechkeet a Respekt am Émgang mateneen. Villes, wat zum Beispill op de soziale Medien ze fannen ass, ass fir eis weder am Toun nach an der Wiel vun de Wierder an den Ausdréck nach an der Ausrichtung akzeptabel. Eisen Engagement géllt der Verdeedegung vun eiser Demokratie an eiser Fräiheet, an net der Apologetik vun der Frechheet oder der Respektlosegkeet.

Well mir d'Fräiheet verdeedegen, menge mir, datt mir kee paternalistesche Stat brauchen, deem d'Leit infantiliséiert, amplatz si als Bierger an als Souverän ze respektéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *interpellateur.* - Mir brauchen och kee pseudomoraliséierende Stat, deem eng eenzeg Moral wëllt duerchsetzen, an zwar déi, déi grad de politeschen Interesse vun där momentaner politescher Majoritéit déngt.

De Stat ass do, fir e politesche Fräiheitsraum ze schafen an ze schützen a mat néidegen Aschränkungen esou spuersam a virsichteg wéi nëmme méiglech ëmzegoen.

D'Realitéit ass awer eng aner! Duerch eng Rei vu Gesetzger goufen an deene leschte Joren ëmmer méi Aschränkungen erricht, an ech weisen hei besonnesch op den Artikel 454 an déi duerno vum Code pénal. Et sinn déi Artikel, déi d'Meenungsfreiheet aschränken, besonnesch och ënner Hiwäis op méiglech Diskriminéierungen, wéi besonnesch och am Artikel 457.

Et stellt sech also eng éischt Fro, näämlech déi, ob déi Artikelen net géint den Artikel 24 vun eiser Verfassung verstoussen, deem d'Meenungsfreiheet jo garantiéiert. Och d'Regierung ass sech där Problematik bewosst a probéiert, fir d'Aschränkung vun der Meenungsfreiheet op vill Manéieren ze justifiéieren. Déi éischt ass, seet d'Regierung, datt ee kengem seng Gefiller däerft verletzen a keen oder och keng Gruppen oder Gemeinschaften vu Leit däerft beleiden. Sou steet et an der Antwort op meng Question parlementaire vum 12. Januar 2017.

D'Regierung behaupt, esou, wéi si dat seet, sténg et am zweeten Abschnitt vum Artikel 10 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun. Do steet dat awer net! Do steet eppes aneres.

An ech zitieren, wat dosteet: «L'exercice de ces libertés comportant des devoirs et des responsabilités peut être soumis à certaines formalités, conditions, restrictions ou sanctions prévues par la loi, qui constituent des mesures nécessaires, dans une société démocratique, à la sécurité nationale, à l'intégrité territoriale ou à la sûreté publique, à la défense de l'ordre et à la prévention du crime, à la protection de la santé ou de la morale, à la protection de la réputation ou des droits d'autrui, pour empêcher la divulgation d'informations confidentielles ou pour garantir l'autorité et l'impartialité du pouvoir judiciaire.»

Do steet also net, an dat betounen ech, do steet net: «Il est interdit de heurter les sentiments d'autrui», an et steet och net do: «Il est interdit de vexer autrui dans l'exercice du droit à la liberté d'expression!» D'Regierung iwwerinterpretéiert also, an dat ass nach harmlos ausgedréckt, d'Bedeutung vum Artikel 10 Alinea 2 vun der Mënscherechtskonventioun!

Datselwecht géllt fir den Artikel 19 vun der Universeller Mënscherechtsklärung vun 1948 an d'Artikelen 19 an 20 vum UN-Pakt fir zivill a biergerlech Rechter vun 1966. Néierens - néierens! - steet eppes vun der Verletzung vu Gefiller als méiglech Justifikatioun vun der Aschränkung vun der Meenungsfreiheet. Sou sensibel si just verschidde Lobbyen, déi a verschiddenen europäeschen Nationen an op EU-Niveau agéieren, an eis Regierung, déi deene blannemännerches noleeft.

Ech stelle fir déi international Mënscherechtskonventioun fest: «Un droit à l'inviolabilité du sentiment n'existe nulle part.»

Här President, et ass och ganz normal, datt esou eppes net an deene wichtigste Mënscherechtskonventiounen steet, well d'Funktoun vum Stat ass jo net, d'Gefiller ze bewäerten oder ze schounen, mä déi öffentlech Uerdnung oprechtzëerhalen, d'Gesellschaft ze perpetuéieren an ze protegéieren. Weder eng staatlech Unerkennung oder Fleeg vu Gefiller nach d'Bekämpfung vu Gefiller sinn originär staatlech Aufgaben.

Mä et gëtt nach aner, méi déif Ursachen. Wéi wëllt een den Ennerscheid maachen tëschent enger legaler Kritik an enger verbuedener subjektiver Gefillsverletzung oder Beleedegung, déi aus esou enger Kritik kann eraus entstoen? Wou verleeft d'Trennlinn tëschent der Kritik, déi an enger Demokratie onbedéngt noutwendeg ass, an deem, wat Verschiddener fir sech vläicht als beleedegend, diskriminéierend oder souguer als Haass empfangen? Wie soll d'Grenzen zéien tëschent der Kritik, der Beleedegung oder och der politescher Satir? Well keng kloer Ofgrenzung méiglech sinn, jiddefalls net mat Sécherheet, och well do reng perséinlech a variabel Empfindlechkeeten eng Roll spillen, verlooosse mir hei de Wee vun der stroferechtlicher Rechtssecherheet, an dat ass eppes, wat mir an engem Rechtsstat net däerfe maachen!